

De CovidCheck-Certificat (EU Digital COVID Certificate – EU DCC) mécht e fräit a séchert Beweegen an der EU während der COVID-19-Pandemie méi einfach. Vum 1. Juli un ass de Certificat an allen EU-Memberstaaten disponibel.



De CovidCheck-Certificat
D'Bierger:innen kënnen hire Certificat digital (z.B. als PDF oder Foto op hirem Smartphone) oder um Pabeier virweisen.



D'CovidCheck.lu-App

D'Lëtzebuenger Regierung stellt d'CovidCheck.lu-App deene Leit zur Verfügung, déi d'Authentizitéit an d'Gültegkeet vun de Certificaten, jee no de Virschrëften déi zu Lëtzebuerg gëllen, iwwerpréiwe mussen.

De Prinzip




Dir sidd geimpft,
getest oder
erëm gesond



Dir kritt Äre
CovidCheck-
Certificat



De QR-Code
funktionéiert
digital oder
geprint



De QR-Code um
Certificat gëtt mat der
CovidCheck.lu App
kontrolléiert



De Certificat
ass authentesch
a gültig

Wéi kréien ech e CovidCheck-Certificat?

Ech si geimpft

- Op den Impf-Certificaten, déi an den **Impfzentere**n ausgestellt ginn an **an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu** disponibel sinn, ass e séchere QR-Code drop, dee vun den Apps an de verschidden EU-Länner ka gelies ginn.
- Leit, déi nom 13. Juni 2021 geimpft gi sinn**, kënnen en neien Impf-Certificat mam séchere QR-Code **an hirem private Beräich op MyGuichet.lu** eroflueden.



Gültegkeet vum Certificat

BioNTech/Pfizer, Moderna an AstraZeneca (Vaxzevria®) vum Dag vun der 2. Dosis un

Johnson & Johnson (Janssen) vum 14. Dag no der Impfung un

Wann ech erëm gesond sinn, no enger COVID-19-Infektioun, vum 14. Dag no der 1. Dosis un (bannent 180 Deeg nom positive PCR-Test).

Ech si getest

- D'**Laboe** stellen lech d'Resultat vum Test an de Certificaten **op hirem Plattform** zur Verfügung an eng digital Kopie ass **an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu** disponibel.
- Leit, déi berechtigt sinn e COVID-19-Test ze certifiéieren**, generéieren de Certificat an hirem professionelle Beräich op MyGuichet.lu a ginn lech en dann **um Pabeier** oder digital, an ass **an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu** disponibel.



Gültegkeet vum Certificat

PCR-Test: 72 Stonnen

Antigène-Schnelltest: 48 Stonnen

Ech sinn erëm gesond

- No engem **positive PCR-Test** stellen d'**Laboen** d'Resultat vum Test an de Certificat **op hirem Plattform** zur Verfügung an eng digital Kopie ass **an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu** disponibel.
- Am Fall vun engem **positive PCR-Test bannent 6 Méint virum 13. Juni 2021**, kritt Dir e Certificat de Rétablissement per Post geschéckt an eng Kopie ass dann esou séier wéi méiglech **an Ärem private Beräich op MyGuichet.lu** disponibel.



Gültegkeet vum Certificat

Gültig tëschent dem 11. an 180. Dag nom positive PCR-Test

Wat soll ech maache wann ech kee MyGuichet.lu-Konto hunn?

1 Dir kënnt zu all Moment e Konto op **MyGuichet.lu** opmaachen fir Är Certificaten ze kucken oder erofzelueden: <https://gd.lu/6fx2BG>



2 Impf-Certificat: **Maacht eng Démarche op MyGuichet.lu** ouni Konto oder rufft op der **Helpline 247-65533** un. Dir kritt en dann um Pabeier mat der Post geschéckt.

3 Den Test-Certificat an de Certificat de Rétablissement sinn op den **Online-Plattformen** vun de **Laboen** disponibel.